Haus Care: Eng Win Win Situatioun

Déi **10 Gemengen** aus dem **Kanton Réiden**, Biekerech, Ell, Groussbus, Rammerech, Réiden, Useldeng, Saeul, Viichten a Wahl hunn d'Decisioun geholl eng regional sozial Immobilienagence ze grënnen an hier den Numm HausCare ze ginn.

D'Iddi war fir vun der laangjäreger gudder Zesummenaarbecht vun de verschiddenen Acteuren, dem **Gemengesyndikat "De Réidener Kanton"** dem kantonalen Office Social "OsCaRe" an der asbl "Réidener Energiatelier" ze profitéieren fir deenen Leit, déi keen, oder just ee prekären Accès ob de regulären Wunnengsmaart hunn, d'Méiglechkeet vun enger Verbesserung vun hirer Wunnsituatioun ze bidden.

De Proprietären bidde mir ee laangfristege Locatioun's Kontrakt an d'Garantie, dass de Loyer all Mount pünktlech bezuelt gëtt.

Eis integréiert Gestioun ëmfaasst och kleng Reparaturen, esou dass den Objet an engem garantéiert gudden a propperen Zoustand bleift.

Do dernieft bidde mir eng attraktiv Virfinanzéierung vun eventuellen Renovatiounsaarbechten déi eventuell néideg wieren fir de Besëtz nees an ee uwennbaren Zoustand ze bréngen.

All d'Bewunner vun den Objet'en ginn vum Office Social suivéiert a begleet.

Déi enk Zesummenaarbecht mam Office Social OsCaRe garantéiert den Beneficiairen, dass si déi Wunneng kréien, déi hirer perséinlecher Situatioun ugepasst ass.

A Kooperatioun mat der asbl Réidener Energiatelier gëtt derfir gesuergt, dass déi energigebonne Niewekäschten esou kleng wéi méiglech gehale ginn.

Komplementar zu den Initiativen, déi an dësem Beräich um nationalen Niveau implementéiert sinn, ass also geplangt eng konsequent Politik vun de kuerze Weeër ze maachen an esou **lokal Léisungen fir lokal Problemer** ze sichen.